

bei Astandhalungs- oder Ennerhaltsaarbechten, déi mer jo elo an d'Fonds des Routes-Gesetz ageschriwwen hun an déi regelméisseg erëmkommen, genau esou wëineg de Fall wéi bei engem Verkëiersleetsystem CITA, deen de Staatsbudget och während no senger Schafung mat feste Betrëibskäschte belastschen.

Et sin also, eiser Meinung no, zwee Punkten, déi hei wesentlech sin an déi mer och wëllen iwwer de Wee vun där Proposition de loi hei an de Grëff kréien. Eischstens: de Stroossebauafong as e Finanzéierungsinstrument a kee Persilschäin. Hien entbënt d'Regierung nët dovun, fir bei grëssere Projetë beziffert Gesetzesvirschlëi anzereeche, déi eenzel vum Parlament debattéiert a votéiert musse gin. Zweetens: de Stroossebauafong déngt der Finanzéierung vun Investitiounsprojetën. En däerf nët als Contournement vum normale Budget déngen an domat dozou bäidroen, d'Budgetsprozedur auszuehlegen. Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, ier mer mat eise Ordre du jour weiderfueren, musse mer nach iwwer d'Partnerschaftsokkommes mam Aserbaïdjan ofstëmme: dat as de Projet de loi 4347.

## 7. Projet de loi 4347 portant approbation

- de l'Accord de partenariat et de coopération entre les Communautés Européennes et leurs Etats membres, d'une part, et la République d'Azerbaïdjan, d'autre part

- des Annexes I à V

- du Protocole concernant l'assistance mutuelle entre autorités administratives en matière douanière;

- de l'Acte final, faits à Luxembourg, le 22 avril 1996

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi as eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmme.

*Ont voté oui:* Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. François Biltgen, Willy Bourg (par M. Alphonse Theis), Mme Romi Brück-Roth (par M. François Biltgen), MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen (par M. Nicolas Strotz), Pierre Frieden (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Edouard Juncker, Ady Jung, Norbert Konter (par M. Lucien Clement), Mme Marcelle Lentz-Cornette (par Mme Nelly Stein), MM. Nico Loes (par M. Ady Jung), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf).

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mathias Greisch, Fons Grimler, Claude Halsdorf, Roger Klein (par M. Jean Regenwetter), Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer (par M. Fons Grimler), M. Lucien Lux (par M. Mathias Greisch), Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Camille Weiler (par M. Claude Halsdorf) et Marc Zanussi.

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par M. Théo Stendebach), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Agny Duvdu (par M. John Schummer), MM. Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach et Carlo Wagner.

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Meblen (par M. Jean-Pierre Koepf);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

As d'Châmber d'accord, d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert.

Mir fueren da weider mat eise Ordre du jour op deem elo d'Proposition de loi vun der Mme Renée Wagener iwwer de Fonds des Routes steet. Als éischten Diskussiounsriedner as den Här Alphonse Theis agedroen. Den Här Theis huet d'Wuert.

## 8. Proposition de loi 4434 de Mme Renée Wagener tendant à modifier la loi modifiée du 16 août 1967 afin de la mettre en conformité avec les exigences de l'article 99 de la Constitution (suite)

*Discussion*

**M. Alphonse Theis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Virun dräi Wochen, am Kader vum Débat d'actualité iwwer de pluriannuellen Investitiounsprogramm vun der Regierung, hat eis Kollegin, d'Mme Renée Wagener, an hirer Qualitéit als Fraktiounspresidentin vun dene Grëngen eng éischte Kéier d'Geleënheet, fir hir Proposition de loi am Detail ze erklären an ze justifiéieren.

D'lescht Woch as dës Proposition als Document parlementaire erauskomm, mat engem ausféierlechen Exposé des motifs, wou eng zwete Kéier d'Argumenter vun dene Grëngen developpéiert gi sin. Haut huet d'Mme Wagener eng drëtte Kéier explizéiert, ëm wat et hirer Meinung no, an der Meinung vun hirer Fraktioun no, geet.

No der Proposition de loi, déi d'Mme Wagener de 6. Mee hei an der Châmber déposéiert huet, misst an Zukunft all Projet, deen op Basis vum Artikel 16 vum Gesetz iwwer de Fonds des Routes realiséiert gi soll, duerch ee Spezialgesetz autoriséiert gin, wann de Käschtepunkt vum Projet iwwer 124 Milliounen Frang läit. Ech gin nët dorop an, ob et Investitiouns- oder Reparaturkäschte sin.

Fir dës Fuerderung ze stäipen, hun déi Grëng sech an eng juristesche Argumentatioun lancéiert, déi een am Exposé des motifs vun der Proposition de loi noliess kann. Hei gët de Standpunkt vertrueden, datt gemäss dem drëiten, véierten a fënnefte Saz vum Artikel 99 vun der Verfassung e Spezialgesetz néideg as, wa beim Verkaf oder bei der Acquisitioun vun engem staatlechen Immeubel, bei der Konstruktioun vun engem Gebai oder bei der Realisatioun vun engem Infrastrukturprojet d'öffentlech Dépensé jeweils iwwer engem bestëmmten Grenzwaert leien. No der Verfassung sollen déi verschidde Grenzwaerter duerch ee Gesetz festgeluegt gin. Mir hun en